CarréRotondes a.s.b.l.
1, rue de l'Aciérie
L-1112 Luxembourg
B.P. 2470
L-1024 Luxembourg
T + 352 2662 2007
F + 352 2662 2020
info@rotondes.lu
www.rotondes.lu
R.C. Lux. F7509
T.V.A. LU22641588

PRESSECOMMUNIQUÉ
20.01.14

FABULA RASA
24. - 26.01.14

Vum 24. bis de 26. Januar stellen TRAFFO_CarréRotondes an de Kasemattentheater di zweet Editioun vu FABULA RASA vir. De Public ass invitéiert di zwee Kulturhaiser ze besiche fir während engem ganze Weekend spannend klassesch an zäitgenösseg Geschichten a Fabelen ze entdecken oder souguer ze erfannen.

Op verréckt, witzeg oder zäitlos, d'Mäerchen a senger ganzer Vilfalt steet am Zentrum vu FABULA RASA, engem kompakte Programm vun dräi Deeg dee sech un di Grouss an di Kléng riicht.

Et geet lass am Kasemattentheater zu Bouneweeg, mat enger Serie Liesungen ënnert dem Titel CHILDREN'S GEMS (24.01, 10h + 17h, 25.01, 17h). D'Schauspiller Leila Schaus a Jules Werner erzielen fir en engleschsproochege Public Geschichten aus dem Gëllenen Zäitalter vum Kannerbuch, dëst an enger Mise en espace vum Anne Simon.Dorënner fënnt een Ausschnëtter aus dem Lewis Carroll sengem "Alice's Adventures in Wonderland" (1865) an Texter vum J.M. Barrie, Auteur vum "Peter Pan" (1902).

Et geet weider am CarréRotondes, Samschden de 25. a Sonnden de 26. Januar, mam GESCHICHTELABO. Kanner tëscht 7 a 9 Joer verwandele matt der Erzielerin an Theaterpädagogin Betsy Dentzer eng Geschicht an erzielen se op hier ganz eege Manéier matt Téin a Geräischer nei.

Sonndes presentéiert de CarréRotondes d'Theaterstécker DEN DËLPESHANS (Nationaltheater Mannheim / Schnawwl, Theater für Junges Publikum) a FRRRUPS, eng Kreatioun vun TRAFFO. Dëst ass eng fräi Adaptatioun op Lëtzebuergesch vum rumäneschen Auteur Ion Creangă senger Geschicht „Capra cu trei iezi", mam Larisa Faber an der Haaptroll. Linda Bonvini ass fir d'Regie zoustänneg, d'Dekoren an d'Illustratioune goufe vum Misch Feinen realiséiert. D'Geschicht handelt vun enger Geessefamill, der Mamm an hiren dräi Klengen di matten am Bësch liewen. Am Wanter muss d'Mamm sech op d'Rees maache vir no Iesse sichen ze goen, a léisst hir Kanner alleng an alle méigleche Geforen ausgeliwwert.

E Sonnden, ab 10 Auer, kënne sech d'Familljen och eng Rouzäit an der LAUSCHBAR gënnen. Dësen Espace ass ausgeriicht wéi e Salon, mat Fotellen, e puer Plackespiller an individuellen Hörer fir kënnen an aller Rou seng Lieblingsgeschicht ze lauschteren.

Lien: http://rotondes.lu/agenda/details/event/fabula-rasa/

CARRÉ ROTONDES
ESPACE CULTUREL

CarréRotondes a.s.b.l.
1, rue de l'Aciérie
L-1112 Luxembourg
B.P. 2470
L-1024 Luxembourg
T + 352 2662 2007
F + 352 2662 2020
info@rotondes.lu
www.rotondes.lu
R.C. Lux. F7509
T.V.A. LU22641588

FABULA RASA

24. - 26.01.14

AM CARRÉROTONDES:

GESCHICHTELABO MAM BETSY DENTZER
TRAFFO

Erzieltheater
Alter: 7-9
Dauer: 2 x 3 Stonnen
Op Lëtzebuergesch

Sa 25.01.14, 14:00 – 17:00
So 26.01.14, 14:00 – 17:00
Öffentlech Presentatioun : Dim 26.01.14, 17:00 (gratis)

D'Participatioun während deenen zwee Mëtteger ass erwënscht.

Aschreiwung: 30€ / traffo@rotondes.lu
http://rotondes.lu/agenda/details/event/geschichtelabo-mam-betsy-dentzer/

FRRRUPS
TRAFFO

Création

Erzieltheater
Alter: 6-99
Dauer: 45'
Op Lëtzebuergesch

Produktioun: TRAFFO_CarréRotondes | Regie: Linda Bonvini | Spill: Larisa Faber | Zeechnungen an Dekor: Misch Feinen | Op Lëtzebuergesch iwwersat: Serge Tonnar | fräi nom rumänesch Kannermärechen „Capra cu trei iezi". | Kreatioun Januar 2014

So 26.01.14, 11:00 + 15:00
http://rotondes.lu/agenda/details/event/frrrups/

DEN DËLPESHANS
NATIONALTHEATER MANNHEIM / SCHNAWWL, THEATER FÜR JUNGES PUBLIKUM (DE)

Erzieltheater mat Musek
Alter: 6-99
Dauer: 50'
Op Lëtzebuergesch

Vum Peter Seligmann, fräi nom Hans Christian Andersen sengem „Tölpel-Hans" | Regie: Andrea Gronemeyer | Spill: David Benito Garcia | Harf : Natascha Gaudet | Musikalesch Leedung: Beate Anton | Bühn a Kostümer: Eva Roos | Dramaturgie: Anne Richter | Technesch Leedung: Joshua Lengenfelder | Virstellungsdengscht : Johannes Gaudet | Luuchten: Robert Schlenkermann | Iwwersetzung: Martine Schoellen | Am Optrag vum CAPe Ettelbréck op Lëtzebuergesch iwwersat. | Lëtzebuergesch Premiere Januar 12 am CAPe

So 26.01.14, 16:00 (AUSVERKAAF)
http://rotondes.lu/agenda/details/event/den-delpeshans/

CARRÉ ROTONDES
ESPACE CULTUREL

CarréRotondes a.s.b.l.
1, rue de l'Aciérie L-1112 Luxembourg
B.P. 2470 L-1024 Luxembourg
T + 352 2662 2007 F + 352 2662 2020
info@rotondes.lu www.rotondes.lu
R.C. Lux. F7509 T.V.A. LU22641588

LAUSCHBAR
TRAFFO

Lauschecke
Fir di ganz Famill

So 26.01.14, 10:00 - 17:00
gratis
http://rotondes.lu/agenda/details/event/lauschbar/

AM KASEMATTENTHEATER:

CHILDREN'S GEMS
KASEMATTENTHEATER

Readings
Age: 7-99
Duration: 50'
In English

Fr 24.01.14, 10:00 + 17:00
Sa 25.01.14, 17:00

Read by Leila Schaus and Jules Werner | Mise en espace: Anne Simon | Choice of texts: Marc Trierweiler

Tickets: Tel +352 29 12 81 /ticket@kasemattentheater.lu
http://rotondes.lu/agenda/details/event/childrens-gems/

TICKETS :
Tarifs : 5€ ≤ 26 ans/Jahre, groupes à partir de 10 pers.
10€ > 26 ans / Jahre
Réservations : www.rotondes.lu, ticket@kasemattentheater.lu

LIEUX ET INFOS :
CarréRotondes
1 rue de l'Aciérie L-1112 Luxembourg-Hollerich
+352 2662 2007 / www.rotondes.lu / traffo@rotondes.lu

Kasemattentheater
Centre Grand-Ducal d'Art Dramatique asbl
14, rue du Puits
L-2355 Luxemburg - Bonnevoie
+352 29 12 81 / www.kasemattentheater.lu
info@kasemattentheater.lu

CONTACT PRESSE :
CarréRotondes
+352 2662 2051/ veronique.kesseler@rotondes.lu

Kasemattentheater
+352 29 12 81 / info@kasemattentheater.lu

CARRÉ ROTONDES
ESPACE CULTUREL